

**INVITÉ VUN DER REDAKTIOUN (5. OKTOBER)**

# Emile Eicher

Vum Carine Lemmer (Radio) | Update: 05.10.2020 08:48 | [0 Commentaire\(n\)](#)

## Invité vun der Redaktioun: Emile Eicher

*De President vum Syvicol war um Méindeg de Moien eisen Invité vun der Redaktioun.*

### **De President vum Syvicol war um Méindeg de Moien eisen Invité vun der Redaktioun.**

Enttäuscht a Frustréiert. Esou hätt ee sech beim Gemengesyndicat Syvicol, no der Entrevue d'lescht Woch mat der Regierung gefillt. Dat sot de Syvicol-President Emile Eicher am RTL-Interview um Méindeg de Mueren.

Hien hätt keng Bereitschaft gespuert, fir de Gemengen entgéint ze kommen. Dobäi hätt een nëmmen eng éierlech an transparent Subventiounspolitik gefuerdert.

Duerch d'Coronakris kréien d'Gemengen jo 420 Milliounen Euro manner an d'Keesen. Wann d'Kris sech net verschäerft, soll et d'nächst Joer awer nees besser goen. D'finanziell Situatioun ass ënnerschiddlech vu Gemeng zu Gemeng. Déi eng, wéi d'Stad Lëtzebuerg, hu grouss Reserven, anerer net. An dës wäerten hier Investissementer elo bremsen, bis se wësse wéi et konkret weider geet. Hei wieren zum Beispill weider adaptéiert staatlech Subventiounen néideg, esou nach den Emile Eicher vum Syvicol .

**Rendez-vous fir den Interview mam Invité vun der Redaktioun all Dag vu méindes bis freides um 10 op 8 op RTL Radio Lëtzebuerg an am Livestream och op RTL.lu an an der App (Audio a Video). Op RTL.lu an op der App ass d'Emissioun dono och am Replay ze fannen.**